



n° 2198

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

REÇU
Par Aïff Christian, 09:39, 13/05/2020

Lëtzebuerg, de 13. Mee 2020

Här President,

Esou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir Justiz weiderzeleeden.

An engem „Land“-Artikel vu leschter Woch heescht et am Kontext vu haislecher Gewalt:

„Die Justiz hatte (...) geprüft, ob Inhaftierte durch den verstärkten Einsatz elektronischer Fußfesseln während des Covid-19 *Lockdown* hätten nach Hause geschickt werden können. Man habe davon abgesehen, so Martine Solovieff, „weil das Sicherheitsrisiko für unsere Beamten“ zu groß schien. In der Vergangenheit sei es wiederholt zu Manipulationen gekommen, so dass Beamte die Fesseln vor Ort und an der Person überprüfen mussten; in Corona-Zeiten keine gute Situation.“

Opgrond vun dësen Ausféierungen wéilt ech folgend Froen un den d'Madamm Minister stellen:

- Wéi vill Persounen droen aktuell eng elektronesch Foussfessel?
- Wéi vill vun deene Persounen koumen op Uerder vum Untersuchungsriichter an de Genoss vun där Moosnam?
- Wéi vill Persounen profitéieren vun där Moosnam an der Approche «front door» respektiv «back door»? Fir wéi eng Infraktiounen a wéi ee Strofmooss gouf dës Moosnam applizéiert?
- Wéi vill vun deene Persounen goufe wéinst haislecher Gewalt verurteilt? Firwat sollt dës Dispositif an der Kris verstärkt a Fäll vun haislecher Gewalt zum Asaz kommen?
- Wéi oft ass dës Moosnam an de leschte 5 Joer revidéiert ginn? Wéi oft gouf se nach virun enger Condamnatioun revidéiert? Wéi oft gouf se revidéiert, nodeem se direkt agesat gouf aplaz vu festem Prisong? Wéi oft gouf se revidéiert, nodeem se als sozial Reintegratiounsmoosnam agesat gouf?
- Wéi ee Bilan zitt d'Madamm Minister aus der „Legalisatioun“ vun der elektronescher Iwwerwaachung duerch déi elektronesch Foussfessel?
- Wann d'Madamm Procureure générale d'Etat seet, et wier an der Vergaangenheet widderhuelte zu Manipulationen vun deene Bracelet komm, wéi vill där Fäll gouf et an der rezenter Vergaangenheet?
 - Wéi kann een sech dës Manipulatione konkret virstellen?

- Wéi eng Konklusiounen zitt d'Madamm Minister aus dësen Ëmstänn?
- Wéi kënne sou Manipulatiounen verhënnert ginn?
- Wéi eng Evolutiounen gëtt et bäi der Entwécklung vun neien Typen vu „Foussfessel“ respektiv Iwwerwachungsdispositifen? Envisagéieren déi zoustänneg Servicer nei Hard- a Softwaren anzekafen?

Mat déiwem Respekt,



Leon Gloden
Deputéierten



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 13 mai 2020

Objet : Question parlementaire n° 2198 du 13.05.2020 de Monsieur le Député Léon Gloden - Bracelet électronique

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés